ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Reegelméisseg mellt d'Police grand-ducale an hire Pressematdeelungen, datt si op Automobiliste gestouss sinn – éischter duerch Zoufall, oder well dës duerch eng "onsécher Fuerweis" op sech opmierksam gemaach hunn – déi kee Führerschäin hunn. E Beispill geet op d'Silvesternuecht zréck, wou e Chauffer ugehale ginn ass, deen zouginn huet, schonns 10 Joer kee Führerschäi méi ze hunn. Dobäi hat de Mann och nach Alkohol a Kokain konsuméiert.

Ganz oft fueren dës Leit an Autoen, déi entweder guer net ugemellt sinn, keng Assurance, keng bezuelte Vignette oder keng valabel technesch Kontroll hunn.

Doweinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Wéi vill Chauffere sinn an de Joren 2015, 2016 an 2017 ugehale ginn, déi kee Führerschäin oder kee gültege Führerschäi bei sech haten?*
2) *Wéi eng Konsequenze kommen op esou Chaufferen duer? Wéi vill vun deene Chauffere musse sech virum Geriicht hirer Verantwortung stellen? Wéi vill Recidivë komme virun d'Geriicht? Wéi gesinn d'Strofen aus, déi bei esou Fäll geschwat ginn, sief dat beim éischte Virfall oder bei Chaufferen, déi méi wéi eng Kéier opgefall sinn?*
3) *Huet d'Police déi néideg Mëttelen, an eventuell Instruktiounen, wéi déi Leit ze iwwerwaachen, déi de Führerschäin ofgeholl kruten? Kritt d'Police dës Leit vun der Justiz gemellt?*
4) *Kann d'Regierung fir déi dräi lescht Joren eng Statistik iwwer Autoskontrolle matdeelen, bei deenen opgefall ass, datt d'Pabeieren (Assurance, Vignette, technesche Kontrollschäin) net an der Rei waren? Ginn esou Fäll och der Justiz gemellt, a wa jo, mat wat fir Konsequenzen?*
5) *Wéi vill huet de "Fonds de garantie Automobile", deen intervenéiert bei Accidenter, wou de schëllege Chauffer keng Assurance huet oder net identifizéiert konnt ginn, an de Joren 2015 bis 2017 ausbezuelt? Huet dëst eng Auswierkung op de Präis vun den Assurancë fir déi Ween, déi d'Reegele respektéieren?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten